

Dépôt: CLEMENT Sven

Projet de loi n°8383 et n°8384
PNR & PSC

Lëtzebuerg, den 24/04/2024



Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:


- Am Budget fir 2024 sinn d'Depensë par rapport zu 2023 eropgaange wat d'Remuneratioun vun de Regierungsmemberen ugeet. Dëst obwuel sech d'Zuel vun de Ministere mat der neier Regierung reduzéiert huet ;
- De Staatsminister huet an an der Chamberskommissioun de 25ten Mäerz erkläert, datt den "bon sens" an "éthique du métier" all Regierungsmember géife verpflichten, fir sech virbildlech ze behuelen. De Staatsminister sot och, datt dës Reegele kéinte präziséiert gi wann néideg ;
- An der Vergaangenheet sinn an der Press Berichter opkomm vu Fraisenofrechnunge vu Ministeren, déi bis zu de Recherchë vu Journalisten sech net bewusst waren, datt dës Fraisen net op Staatskäschten dierfte gemaach ginn ;
- Fir Beamte ginn et schon esou Reegelen. Si hu Fortfaiten pro Nuecht ze gutt. Zousätzlech leet d'Cirulaire vum Staatsministère vun 2016 fest:

« par principe les déjeuners/dîners sont réservés à l'occasion de l'accueil de délégations étrangères ou d'entrevues avec des tiers par rapport à l'Administration, dans un contexte précis justifiant un tel geste. De simples réunions de travail entre fonctionnaires ne sauraient justifier l'organisation de déjeuners/dîners à charge du budget de l'Etat. »

- D'Chamber kënnt fir d'Deputéiert bei Déngschtreesen nëmmen fir Déplacement an Unterkunft opp. All aner Fraisen müssen Deputéiert selwer bezuelen.

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. Fir sech Reegelen ze ginn ähnlech wéi d'Chamber, déi festleeë wéi eng Fraisen an de Kader vum Mandat vun engem Minister falen, a wéi ee Minister mat de verschiddeenen Ausgaben déi en tätegt soll ëmgoe, fir hei ee Maximum un Transparenz sécher ze stellen.


Sven CLEMENT

